CSV FRÉISENG

Froen un de Schäfferot

Sëtzung vum Gemengerot vun der Gemeng Fréiseng den 26. Mee 2021

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen,

sou wéi d'Gemengegesetz dat a sengem Artikel 23 virgesäit, an eis baséierend op den Artikel 8 vum "Ordre Intérieur de la Commune de Frisange", wëlle mir am Numm vun der CSV zum Punkt „Questions écrites au collège échevinal“ vun der Dagesuerdnung déi folgend Froen un lech riichten:

Service de médiation

Zanter engem gudde Joer huet eis Gemeng e „Service de médiation“. Kéint de Schäfferot eis do matdeelen, a wéivill Fäll dëse Service bis elo an Usproch geholl ginn ass? Wéi héich waren d'Käschten fir dëse Service am Joer 2020?

Frisibus

Säit dem 1. Januar 2019 leeft déi nei Testphase mam Frisibus, nodeems eng Rei nei Destinatiounen (ënnert anerem Weiler-la-Tour, Mondorf, Diddeleng a Réimech) an de Fuerprogramm opgeholl goufen. Wéi een Impakt haten dës Changementer op d'Frequentatioun vum Frisibus an de Joren 2019 an 2020? Ass bekannt wéi oft déi nei Destinatiounen ugefuer goufen? Ass ugeduecht de Service an Zukunft op 5 Deeg an der Woch (vu Méindes bis Freides) auszebauen?

Am Kontext vun der COVID-Impfcampagne goufen d'Awunner doriwwer informéiert, dass si de Frisibus kéinte reservéieren, fir hir Impfung am Impfzentrum zu Mondorf maachen ze loossen. Ass bekannt wéivill Leit vun dëser Offer Gebrauch gemaach hunn?

Marc Jacoby Claude Courtois Georges Hoffmann